N°1988
Entrée le 01.04.2025
Chambre des Députés

LE GOUVERNEMENT
DU GRAND-DUCHÉ DE LUXEMBOURG
Ministère du Travail

**Réponse commune de la Ministre de la Santé et de la Sécurité sociale et du Ministre du Travail à la question parlementaire N°1988 du 27 février 2025 de l'honorable Député Sven CLEMENT concernant « Quality of Work Index 2024 ».**

**Fro N°1: 51% vun de Salariéen am Land leiden ënnert psychescher Belaaschtung, besonnesch déi méi jonk Salariéeë sinn hei betraff. Wéi gesäit de Minister d'Roll vun de Betriber an dësem Kontext a wéi kënnen si dozou bäidroen d'Situatioun ze verbesseren?**

De Quality of Work Index 2024[1] ass eng Zesummefaassung respektiv eng Interpretatioun vum "Rapport Quality of Work Luxembourg 2024"[2]. Am Index 2024 gëtt vun "Souffrance psychique" geschwat, ee Wording deen am Rapport guer net optaucht. An dësem Rapport gëtt vun „Contrainte mentale et physique" geschwat, wat éischter als global Belaaschtung ze betruechten ass.

Fir den psycheschen Belaaschtungen op der Aarbechtsplaz entgéint ze wierken, bidden déi meescht aarbechtsmedezinesch Déngschter eng psychologesch Hëllef un fir déi Leit, déi betraff sinn.

De Ministère fir Gesondheet an sozial Sécherheet ënnerstëtzt och Projeten an deem Beräich, wei zum Beispill den Projet "Lighthouse" vum ASTF (Association pour la Santé au travail des secteurs Tertiaire et Financier), fir den Leit ze hëllefen déi am Burnout sinn an och een aneren Projet vun dësem Service fir een "Inventaire des risques psychosociaux" op ze stellen. De Ministère fir Gesondheet an sozial Sécherheet huet an deem Kontext och den zweeten nationalen Plang "Plan National Santé Mentale Luxembourg" (PNSM 2024-2028) opgestallt.

**Fro N°2: D'Etude weist datt nëmme wéineg Betriber Preventiounsmesurë géint Suchtproblemer ubidden, obwuel e groussen Taux vun de Salariéen en héijen oder ganz héijen Alkoholkonsum hunn. Wéi wëllt d'Wirtschaftsministère hei konkret intervenéieren?**

De Quality of Work Index 2024 schwätzt vun "Mëssbrauch vun Alkohol bei den Salariée". Och an dësem Fall muss een déi méi detailléiert Aussoe vum "Rapport Quality of Work Luxembourg 2024" betruechten. Deemno hunn 89% vun de Salariéen an deene lëschten 12 Méint keen Alkohol op der Aarbecht gedronk, an 10% hu manner wéi eng Kéier am Mount Alkohol op der Aarbecht consomméiert. D'Consommatioun vun Drogen op der Aarbecht ass, entspriechend dem uewe genannte Rapport, quasi inexistent.

Wat den Alkoholkonsum am Allgemengen ugeet, engagéiert sech de Ministère fir Gesondheet an sozial Sécherheet mat Aktioune wéi der Campagne „Zéro alcool 100% toi-même, „Alcool? Moins c'est mieux!" oder dem „Plan d'action luxembourgeois contre le mésusage d'alcool - PALMA 2020-2024", dem Mëssbrauch vun Alkohol ganz allgemeng entgéint ze wierken.

[1] https://www.csl.lu/app/uploads/2025/02/resume_quality-of-work-index-2024_20250225_cnapa.pdf
[2] infas_csl_bericht_qow_7969_20250108_de_fr.pdf

__Fro N°3:__ **Den Hotellerie- a Restaurationssecteur schneit besonnesch schlecht bei psychescher Gesondheet an dem Risiko fir ee Burnout of. Wéi ass d'Feelen vu cibléierte Mesurë fir dëse wichtege Wirtschaftssecteur ze rechtfäerdegen?**

An deem Kontext huet den Aarbechtsministère, a Kollaboratioun mat der ITM, am Februar 2025 e praktesche Guide an eng Kommunikatiounscampagne virgestallt, fir d'Akteuren am Horeca-Secteur ze ënnerstëtzen. Déi Campagne gouf lancéiert mam Ziel, d'Patronen, d'Salariéen, d'Apprentien an d'Stagiairen iwwert hir Rechter an Obligatiounen ze sensibiliséieren. De Guide versammelt déi wichtegst Bestëmmungen aus dem Aarbechtsgesetzbuch, déi fir den Horeca-Secteur gëllen, an déi op d'Particularitéiten vun engem Domaine reagéieren, dee sech duerch seng Flexibilitéit an d'Spezifizitéiten an der Aarbechtszäit auszeechent.

Onofhängeg vum Secteur setzt d'Regierung e grousse Fokus op Préventiounsarbescht am Kader vun der psychescher Gesondheet; ennert anerem fir de Risiko vun Burnout erofzesetzen.

__Fro N°4:__ **24% vun de Salariéeë ginn un, datt si ausserhalb vun den Aarbechtszäite fir hir Aarbecht erreechbar musse sinn, wat an engem klore Géigesaz zum "Droit à la déconnexion" steet. Wéi eng Moossname plangt d'Regierung fir dëse Problem unzegoen?**

Dem Quality of Work Index 2024 no, si 24% vun de Salariée an engem méi héijen Ausmooss dovunner betraff fir ausserhalb vun hirer normaler Aarbechtszäit erreechbar ze sinn, wat eng Reduktioun ëm 4% par Rapport zu 2023 duerstellt. Dat bedeit allerdéngs net, datt déi aner Persounen guer net missen erreechbar sinn, och wann dat just an engem geréngen Ausmooss de Fall ass. Op een erreechbar muss sinn, hänkt zu engem gudden Deel och dovunner of, an wéi enger Positioun een ass, respektiv a wéi engem Beruff ee schafft.

Et ass am Interêt vun de Salariéen an dem Employeur vir d'Noutwennegkeet vun der Erreechbarkeet esou wäit ewéi méiglech ze reduzéieren. Verschidden Beruffer an Aarbechtskontexter sinn dovunner geprägt, datt eng Erreechbarkeet ausserhalb vun der normaler Aarbechtszäit noutwenneg ass.

An dësem Kontext ass och drop hinzeweisen, datt d'Motioun N°4156 vum 13. Juni 2023 virgesäit, datt dräi Joër no der Entrée en vigueur eng Évaluatioun vum Gesetz iwwert d'Introductioun vum Dispositif zum "Droit à la déconnexion" (Projet de loi n°7890 portant modification du Code du travail en vue d'introduire un dispositif relatif au droit à la déconnexion) gemaach gëtt.

**<u>Fro N°5:</u> D'Frontaliere verbrénge 4 Stonne méi pro Woch am Verkéier wéi Residenten. Gëtt et e Plang fir dësen Desavantage ze kompenséieren, besonnesch well d'Teletravail fir Frontalieren duerch Steierreegelen ageschränkt ass?**

Potentiell Léisungen sinn engersäits d'Verbesseren vum ëffentlechen Transport hei am Land, respektiv déi grouss Verkéiersachsen esou auszebauen, dat den individuellen Trafic besser kann fonctionéieren. Dëst sinn Mesuren déi am Gaang sinn, ëmgesat ze ginn.

Den Ausbau vun Aarbechtsplazen an de Grenzregiounen op deenen dann am Sënn vum Teletravail, awer op lëtzebuergeschem Territoire, kann geschafft ginn ass eng weider Mesure déi am Gaang ass, ëmgesat ze ginn, déi awer net fir all Secteur oder Beruff eng Léisung wäert duerstellen.

**<u>Fro N°6:</u> D'Zuel vun de Leit déi wéinst Aarbechtsbelaaschtung Hëllef sichen huet zougeholl (12%). Wéi gesäit de Minister d'Roll vun de Betriber an dësem Kontext a wéi kënnen si dozou bäidroen d'Situatioun ze verbesseren? Wéi kann d'Regierung d'Betriber ënnerstëtze fir e positive Wuelbefanne vun hiren Aarbechter ze fërderen?**

Déi Leit, déi Schwieregkeeten op der Aarbecht hunn, hunn all d'Méiglechkeet fir bei den Aarbechtsdokter ze goen, fir Hëllef oder Rotschléi ze kréien. Déi meescht aarbechtsmedezinesch Servicer hunn sech déi lescht Joëren pluridiziplinar opgestallt, fir den Leit ze hëllefen an Beräicher wéi Ergonomie an och mental Gesondheet. Deswéideren hunn déi meescht aarbechtsmedezinesch Servicer och Psychologen agestallt, déi den Leit bei Mobbing, Burnout an Stress kennen zur Säit stoen.

**<u>Fro N°7:</u> Nëmmen 16% vun de Betriber bidde Réckengymnastik un, obschonn 30% vun de Salariéen ënnert Réckeproblemer leiden. Wat mécht d'Regierung fir d'Betriber ze motivéieren, méi an d'Preventioun ze investéieren?**

Et geet net nëmmen duer, sech em d'Problematik vum Réck ze këmmeren, mee et geet an all Betrib ganz allgemeng dorëms fir déi muskulosklettal Problemer, zu deenen natierlech och den Réck gehéiert, am Aan ze halen. Preventiv sinn an dem Kontext déi aarbechtsmedezinesch Servicer zënter villen Joren täteg. Méi spezifesch beschäftegt sech den „Centre de prévention pour le dos -PREVENDOS", den vum Ministère fir Gesondheet an sozial Sécherheet finanzéiert gëtt, mat Persounen déi Réckeproblemer op der Aarbecht hunn.

Net ze vergiessen, datt den nationalen Programm GIMB („Gesond iessen-Méi beweegen"), deen och ënnert der Responsabilitéit vum Ministère fir Gesondheet an sozial Sécherheet leit, beméit ass fir d'Sédentaritéit vun de Leit ganz allgemeng ze reduzéieren. Bewegungsmangel an laangt Sëtzen sinn nieft

de Belaaschtungen op der Aarbecht eng vun den wichtegsten Ursaachen fir muskulosklettal Problemer, Réckeproblemer inclus.

**Fro N°8: D'Kooperatioun tëscht Mataarbechter huet däitlech ofgeholl an ass op engem neien Déifpunkt ukomm. Wéi wëllt d'Regierung géint dës sozial Fragmentatioun an de Betriber virgoen, déi d'Produktivitéit a Kreativitéit beaflosst?**

Den Teletravail dréit sécher zu engem gewësse Grad dozou bäi, dass d'Kooperatioun tëschent de Mataarbechter ofhëlt. Firmen reagéieren ënnerschiddlech op déi Problematik; déi eng schafen den Teletravail ganz of, anerer verlaangen dat gewëssen Deeg all Mataarbechter am Betrib sinn.

Och ass den "Desk sharing" eng aner méiglech Ursaach fir en Ofhuelen vun der interner Kooperatioun.

Et handelt sech hei ëm nei Aarbechtsformen, déi sécher nach weider evaluéiert musse ginn, fir Moossnamen kennen ze ënnerhuelen.

**Fro N°9: D'Beruffer mat deenen niddregsten Akommessen hunn och déi schlechtste Gesondheetsstatistiken an déi mannste Preventiounsmoossnamen. Wéi wëllt de Wirtschaftsministère dës sozial Ongläichheet an eiser Aarbechtswelt ugoen?**

All Salarié kritt déi selwecht Preventiounsmoossnamen vun der Aarbechtsmedezin oder vun de Programmer vum Ministère fir Gesondheet an sozial Sécherheet offréiert, déi geziilt op dem Salarié säin spezifeschen Beruff ugepasst ginn.

Luxembourg, le 1er avril 2025

**(s.) Georges MISCHO**
**Ministre du Travail**